

Raus aus der Stad

De Rën a säi Maggy sëtzen op dësem Mëttwoch Muergen op enger Knuedlerter-rass. 'T as Maart, d'Wieder kënnst nët besser sin, sequer de Kaffi as ze drénken.

D'Maggy zitt e Schoulheft aus senger grosser Posch a reecht dem Rën et.

„Hei, lies mol dem Raoul säin Aufsatz, deen e gëschter rëmkru!“

De Rën a säi Maggy sin elef Joër bestuet, an hire Raoul as bal grad sou al. 'T as hiren eenzegen. De Rën as eng Grëtz verwonnert, well eëm d'Schoulsaache bekëmmert d'Maggy sech meeschtens leng. Den Aufsatz as verbessert, an d'Léierin huet „ganz gut“ un de Rand geschriwwen. D'Iwwerschrëft heescht „Ein Ausflug“, an de Raoul schreift:

„Am vergangenen Sonntag fuhr ich mit meinen Eltern ins Ösling. Das Wetter war sehr schön, und auf der Straße waren viele Autos. Als wir ankamen, fuhr mein Vater mit dem Auto in eine Wiese, wo auch ein Bach war. Dort packten wir aus und legten uns in die Sonne. Ich durfte im Bach spielen, denn das Wasser war niedrig, aber ein bißchen kalt. Meine Mutter hatte das Essen eingepackt, und als es Mittag war, hatten wir alle großen Hunger. Es standen noch sieben andere Autos auf der Wiese. Die Leute aßen und tranken, und ihre Kinder spielten auch im Bach oder mit dem Ball auf der Wiese.“

Dann kam ein Mann und redete mit meinem Vater. Die Mutter packte alles wieder ein und wir fuhren ein Stück weiter. Vorher mußte ich aber noch meine Füße und Beine abtrocknen. Wir gingen in ein Restaurant und aßen dort Fleisch und Fritten.

Am Nachmittag fuhr mein Vater noch zu einer kleinen Kirche, die ganz allein bei einem Wald stand. Sie war aber geschlossen, und als meine Mutter durch das Fenster schauen wollte, tutete es plötzlich. Ich mußte lachen und wir fuhren nach Hause.“

De Rën gët dem Maggy d'Heft rëm a muss och laachen. Hatt nët.

„Weess de, wat mer do runzillen? En typeschen, onkritische Klengbierger. Een deen näischt héiert an näischt gesäit. Ech fannen dat do ganz schlëmm! An da schreift déi Kou och nach „ganz gut“!“

De Rën huet op eemol kapéiert a wëllt d'Maggy zëssen.

„De Bouf huet der dach réischt zéng, an e schreift jo gutt. E krut dat Meesch nët mat, dat kënnst schon nach.“

„T gët awer och héich Zäit!“, seet et a paakt dem Raoul säin Heft rëm an d'Posch.

De Rën mécht eng un. „Maach nët lo schons e Kriddelschass aus em; onzefridde gët en nach fréi genuch. Du bas zevill radikal.“

„Wann s de mengs!“ D'Maggy as wirkleech rosen. De Rën mierkt dat ëmmer dorun, wann et ufänkt, a senger Posch no Knätsch-gummi ze kromen.

„Ech hun der et scho gesot, du wiirs wirkleech e gudden 68er gin, Maggy; schued, datt s de dofir ze jonk waars!“

Hatt äntwert nët a knätscht a kuckt op de Maart. Iwwer de Kathedraals-Tierm zéien e puer Wollécken op. De Rën spiert, dat Gespréich kritt lo kee gudden Dréi, an dofir mengt en, am Fong hätt hatt natierlech recht.“

Hie selwer hat e Sonndeg gesot, wéi se nees um Lampertsbiere waren, lo hätt en d'Eissleek fir en halleft Joër bis duer.

Déi Wiss, wou se mam Bouf picknicke wollten, war „hir“ Wiss; him an dem Maggy séng. Deemools, wéi se nach gefriën hun, louche se do méi wéi eng Kéier an der Sonn, kee Mënsch wäit a breet, an d'Maggy as sech es haut nach sécher, datt si zwee de Raoul do gemaach hun.

Se wollten hir Wiss no all deene Jore mol nees opsichen, mä 't war „hir“ Wiss nët méi. Eischtens war et lo eng Pierch, an zweetens haten aner Leit s'och entdeckt. Seguer dräi belsch Ween waren drënner. Mä datt de Bauer géint Mëtteg koum a vu jidderengem zweehonnert Frang akasséiere wollt, dat gong duer fir déi lescht Romantik bei der Däiwel ze joën.

Wéi hat de Bauer gesot? Hie géing jo och nët bei si heem an hire Gaart campéiere kommen. Dobäi hat de Fatzbeidel méi wéi sécher selwer d'Pierchepaart opstoë gelooss, fir datt d'Autoën sollte rafueren.

„Dir huet bestëmmt eng Handelser-mächtgong oder eng Campings-Konzessioun!“, hat d'Maggy him duergebass, mä dee sot jhust, se sollte verschwannen. Se hun dat och gemaach, an de Rën huet gegrom-melt, e kéim sech vir, wéi e Verbriecher.

D'Loscht, anerwäerts nees auszepaken, war hinne vergaangen, mä de Biffdeck „beim Schmitt“ war och nët méi dat, wat en deemols war. Deemols huet een e bal nët gepackt, haut brauch ee mol keen Hunger ze hun, fir en an zwou Minutte Meeschter ze gin. Jhust de Präis, dee ka sech weise loos-sen.

D'Maggy hat sech den éischten Ablack bal nët rëmkannt. Géintiwuer der Wiirt-schaft stoung fréier eng schéin al Scheier mat Trueljen aus Hasteng, a laanscht d'Scheier as d'Duerbaach gelaf. D'Baach an d'Scheier sin haut verschwonnen, 't si lo eng Dose Parkplazen do, an uewen am Eck stin e puer Containeren fir Pabeier, aalt Glas a sequer fir aalt Gezei.

De Rën wollt nach onbedéngt eng Glace hun, mä d'Maggy sot zum Rën, 't misst hei raus, a wann hien en Dréngeld géif, da géif hatt de ganzen Dag nët méi mat em schwetzen.

Hie wouss natierlech, datt et Deeg gin, wou ee gutt drun déit, am Bett ze bleiwen, mä hie wollt un Heemwee nach bis op de Wäisseknapp bei d'Kapell fueren. Och do war hie méi wéi eng Kéier mam Maggy. Hatt ka sech fir al Volléckskonscht begeeschteren, an déi Kapell as voll vu sou Molereien a Sta-tuen. A virun der Kapell stoung en décken Néssert mat enger Bänk drënner. Vun där



Zeechnung: Andreas Wagner

aus huet ee wäit iwwer den ieweschte Sauer-dall gesinn.

De Raoul huet du missen op d'Toilette, an d'Maggy huet hie mat engem Rouleau Pabeier an de Bësch geschéckt. Därbants hate se schon an Uecht geholl, datt am-plaz vum Néssert lo e jonken, deierleche Beem-chen do stoung. D'Dir fir an d'Kapell war mat enger Ketten a mat engem Klauschter zougessaart, a wéi d'Maggy sech sportlech un engem Fëensterstee ropgezunn huet, fir ranzeluussen, du gong op der Dot e fierch-terlech haarden Alarm un. Deen Ablack koum de Raoul, d'Box nach nët ganz rop, aus dem Bësch gelaf.

Ennerwee fir heem huet kee geschwat, mä de Rën sot, wéi s'endlech aus der Autoschlaang raus an hir Strooss ragefuer sin: „Gelt Raoul, dat war a flotten Dag!“

D'Maggy hat déi ganzen Zäit schon drop lass geknätscht. An der Kichen, wéi se de Picknicks-Kuerf nees ausgeraumt hun, as et du explodéiert. Hatt wir honnert mol léi-wer an dëser houerer, verpeschtener Stad, wéi sech nach eng Kéier op sou eppes Verlu-genes anzeloossen.

A lo seet et: „Jiddefalls schwetzen ech herno mam Raoul iwwer deen Aufsatz, wann s du et nët méchs.“

De Rën gët him eng Bees op de Bak. Eigentlech as d'Maggy onheemlech an der Rei.

josy braun